ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Bei den Impfungen géint de Coronavirus si Fäll mat schwéieren Thrombosen registréiert ginn. Nom Impfstoff Astra Zeneca sinn elo an den USA och eng Rei där Thrombose-Fäll nom Sprëtze vum Vaccin Johnson&Johnson opgetratt. Offiziellen Informatiounen no ass eng Fra dorunner gestuerwen. D'US-Gesondheetsautoritéite fuerderen elo e provisoresche Stopp vun dem Impfstoff an alle Bundesstaaten. Och zu Lëtzebuerg gëtt mam Johnson&Johnson-Vaccin geimpft.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Regierung,

1. Wéi reagéiert d'Regierung op de geplangte Stopp vum Vaccin Johnson&Johnson an den USA?
2. Ass déi Europäesch Medikamenten Agentur (EMA) em en dréngenden Avis gefrot ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten